



Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vun der Madamm Sam TANSON, Justizministesch an vun der Madamm Yuriko BACKES, Finanzministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 5814 vum 24. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN iwwert "Kryptowärungen"

Ad Fro 1. Iwwer wéi vill Wallets verfüügt de Lëtzebuurger Staat am Moment?

Den Lëtzebuurger Staat verfüügt aktuell iwwer keng Wallets. Separat Wallets ginn vun der Police « Section Nouvelles Technologies » erstallt wann se gebraucht ginn.

Ad Fro 2. Wat fir Prozedure ginn duerchlaf am Fall, wou d'Kryptowärungen, déi an dese Wallets gespäichert sinn, sollen a Fiatgeld ëmgewandelt ginn?

Ewéi schonn an der Äntwert vun der parlamentarescher Fro n°5082 ernimmt, gëtt am Gesetzesprojet n°7452¹ grad en neien Kader mam « Bureau de gestion des avoirs (BGA) » geschafen deen saiséiert an och confisquéiert Gidder verwalten wäert. Duerch déi rezent Amendementer gëtt proposéiert dass d'Kryptowärungen an engem Wallet vun der Caisse de consignation sollen gespäichert ginn.

Ad Fro 3. Ginn et Fäll, wou beschlagnaamte Kryptowärungen vun Drëtten a Fiatgeld ëmgewandelt ginn? Wa jo, wat geschitt am Fall, wou duerch d'Ëmwandele vun der Kryptowärung op zum Beispill den Euro oder Dollar ee Benefice gemaach gëtt? Erhält de Besetzer dann dese Benefice?

Den uewegenannten Gesetzesprojet gesäit Prozeduren vir iwwer eng eventuell Emwandlung während der Saisie, déi just mam Accord vun den zoustännegen Justizautoritéiten kann erfollegen. Am Gesetzesprojet sinn och weider Dispositionen virgesinn, fir d'Gestioun vun den Kryptowärungen kloer ze definéieren. Mei generell applizéieren sech hei och déi allgemeng Reegelen iwwer d'Saisie an Confiskatiounen vum Code de procédure pénale an d'Gesetz iwwer d'Consignation.

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2022

Den Ministère de la Sécurité intérieure,

(s.) Henri KOX

¹<https://www.chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Recherche/RoleDesAffaires?action=doDocpaDetails&backto=/wps/portal/public/Accueil/Actualite&id=7452>